***Compte Rendu vun der Kulturkommissiounssëtzung vum 26. Januar 2026 um 19h30 am Centre Communal zu Wëlwerwolz***

| | |
|---|---|
| Präsenzen: | Patrick Bormann, Yves Kaiser, Jos Fischbach, Antoinette Lutgen-Lentz, Paul Poncin, Christian Schmit |
| Absent: | Maurice D'Incau |

---

## 1. Projet Hausnimm

De Jos hutt 2 Muster bei TMS, déi de bëlligsten Devis gemaach hunn, bestallt. D'Muster wäerten Enn KW6 op der Gemeng leien a kënnen do gekuckt ginn.
Ee Schëld, mat Gravur, wäert ongeféier 40 € kasten. De genaue Präis variéiert nach mat der definitiver Quantitéit.
De Christian hutt e Bréif opgestallt an dëse virgelies, deen un d'Hausbesëtzer rausgeet virgeliese. An dësem gëtt de Projet virgestallt an zu enger Versammlung den 23. Mäerz um 19h30 am Centre Communal zu Wëlwerwoltz agelueden.
D'Bréiwer misste spéitstens den 9. Mäerz verschéckt ginn, wat vun der Administratioun op der Gemeng soll iwwerholl ginn.
Leit déi Probleemer hunn d'Montage vun de Schëlder un der Fassade ze organiséieren, kënnen dëst an der Versammlung mat eis ofklären.
Pro Schëld ginn 10 € un den Hausbesëtzer verrechent.

## 2. Projet QR-Code

De Christian hutt e provisorischen Design vum Schëld virgestallt.
Den Yves hutt proposéiert, d'Iddi mat bei den Naturpark ze huelen an ze kucken, ob si sech kéinten em den Design bekëmmeren.
Dat Ganzt soll op Alu-Dibond gedruckt ginn.
De Christian kuckt nach mam Daniel wéi een et mat der Verlinkung op den SIK.lu ka maache, virun allem fir déi verschidde Sproochen einfach zougänglech ze maachen.

## 3. Divers

- D'Sandra Linster hutt sech aus der Kommissioun rausgemellt.
- An der Kommissioun gouf op d'Reglement higewisen, dass een automatisch demissionär ass, wann een 3 Mol hannerteneen, ouni ofgemellt ze sënn, feelt.
- 2026 wollte mer eisen Ausfluch op de Fond de Gras maachen. Mir hunn an der Kommissioun entscheet, datt mir als Memberen eis de Site eng Kéier ukucke fueren an dann op der Plaz e Programm fir eng spéider Visite zesummestellen.

- D’Petangspiste zu Pënsch sollt duerch eng Holzbordure verbessert ginn. Dës Aarbichte sinn nach net ëmgesat. De Schäfferot kuckt dëst ze relancéieren.
- Am kommende Summer wäert de Patrick Bormann e flotten Nomëttig op der Petangspiste organiséieren.

Äischer, den 28. Januar 2026

**Christian Schmit**

Präsident

**Jos Fischbach**

Sekretär